# Uschlag op d'Verschlësslung!

Den 8 November 2020 hunn Journaliste vum ëffentlech-rechtleche Sender FM4 aus Éisträich an engem Artikel drop opmierksam gemaach, dass den EU Ministerrot un enger neier Resolutioun schafft, déi nawell vill Froen a Kritik opwerft. Nëmme 5 Deeg no deenen uergen Terroruschléi zu Wien, well een elo d'Enn-zu-Enn Verschlësslung souzesoen ofschafen an dëst sou séier wei méiglech an och nach hannert zouenen Dieren. Domadder wier et net méi méiglech, verschlësselt mateneen ze kommunizéieren, ouni Gefor ze lafen, datt eng aner Persoun matliest. Sou sollen d'Hiersteller vu bekannten Appen wei Whatsapp, Signal, Telegram a Co, eng Hannerdier abauen domat Geheimdéngschter Zougrëff op Chats kënne kréien. Dacks gouf scho probéiert dëst ëmzesetzen, mee bis ewell ouni Succès.

Begrënnt gëtt d'Noutwennegkeet fir esou Moossname jee no populisteschem Gusto - politeschen Extremismus, Terrorismus oder Kannerpornographie. Well aus deem Populismus och mol reell Veruerdnungen a Gesetzer kënne ginn, ass et ëm sou méi wichteg, datt Zivilgesellschaft souwéi och d'Wirtschaft, kloer Positioun bezéien a Widderstand leeschten.

Mir vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg, sinn ze déifst beonrouegt iwwert dës Noriichten a maachen eis enorm Gedanken a wat fir eng Richtung mer histeieren. Op alle Fall wäerte mir dësem Politeschem Geplänkels net einfach esou nokucken. Crypto Wars goufen et schonns dacks a bis elo huet Zivilgesellschaft déi nach all gewonnen. Mir bléiwen eisen Wäerter trei an setzen eis dofir an, dass dat och esou bleift.

Dowéinst fuerderen mir d'EU an hier Memberstaaten mat Nodrock dozou op:

- All d'Pläng zur Schwächung vun Informatiounssécherheetsmossnamen, wéi d'Enn-zu-Enn-Verschlësslung opzeginn.
- Entreprisen net an d'Flicht ze huelen, een "Screening" vun de Messagen virun der Verschlësslung duerchzeféieren oder aner Secherheetslücken an hier Systemer ze implementéieren.
- Bei zukünftegen Debatte wou et sech ëm Thema Verschlësslung dréint, ee Mënscherechtsorganisatiounen, Experten am Beräich digital Rechter ewéi aner Gruppéierungen aus der Zivilgesellschaft, mat abënnt.

> “I don't want to live in a world where everything that I say, everything I do, everyone I talk to, every expression of creativity or love or friendship is recorded.”
> — Edward Snowden

news

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=news:2020:1115_uschlag_op_d_verschlesslung**

Last update: **2020/11/15 22:06**